N°4216
Entrée le 30.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4216 vum 9. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Ënner wéi enge Bedéngunge kann e Frontalier zu Lëtzebuerg Baby-years unerkannt kréien?*

*2. Ënner wéi enge Bedéngunge kënnen auslännesch Kannererzéiungszäiten déi lëtzebuergesch Baby-years verdrängen?*

Contrairement zu engem éischten Androck, d'Babyjore géifen eng autonom Affiliatioun duerstellen, ginn d'Babyjoren, ënner anerem duerch déi europäesch Koordinatiounsreglementer vun de Sozialsystemer, als eng Leeschtung vun de jeeweilege Pensiounskeesen ugesinn. Deementspriechend entfalen d'Babyjoren hiren Effekt och réischt bei der Echeance vum Risque.

Am Fall vun engem Frontalier musse gewëssen zousätzlech Conditiounen erfëllt sinn, ier *d'Clause de résidence*, dat heescht datt d'Kannererzéiung, déi dem Babyjoer inherent ass, zu Lëtzebuerg muss stattfannen, opgehuewe ka ginn. Dës Conditioune beinhalten, datt d'Assuréen, déi wärend de Babyjoren net zu Lëtzebuerg pensiounsverséchert sinn, dat awer just virun der Gebuert vum Kand waren, an dass Kannererzéiungszäiten net am Ausland unerkannt sinn.

An der lëtzebuerger Versécherungscarrière agedroe Babyjoren, kënnen awer och duerch gläichzäiteg besteeënd auslännesch obligatoresch Zäite verdrängt ginn, duerch de Prinzip vun der Totalisatioun, sou datt den Effekt vum Babyjoer sech net am Montant vun der lëtzebuerger Pensioun widerspigelen wäert. Dëst ass onofhängeg vun der Residence vum Versécherten, mee kënnt méi heefeg bei Frontaliere wéi bei lëtzebuerger Residentë vir. Wann dës Conditiounen erfëllt si kennen d'Babyjoren unerkannt ginn, grad wéi bei engem Resident. Am aner Fall kënnen d'Babyjoren net unerkannt oder ebe verdrängt ginn.

Natierlech mussen zousätzlech nach d'Conditioune vum Stage a vun der Kannererzéiung selwer erfëllt sinn, ier eng Demande ka positiv aviséiert ginn. Bei der Designatioun vum Elterendeel, deen di komplett Babyjoren zougesprach soll kréien, mussen all d'Conditioune bei där Persoun erfëllt sinn.

*3. Wéi gedenkt d'Pensiounskeess de Versécherten eng transparent Auskonft iwwer hiren zukünftege Pensiounsbetrag ze gi wa bis zum leschte Moment vun der Pensiounszoudeelung d'Baby-years nach oferkannt kënne ginn?*

Säit dem 1. Januar 2013 instruéiert d'Pensiounskeess (CNAP) eng Ufro fir d'Babyjore vu Frontalieren esou, dass am Zweiwelsfall d'Babyjore provisoresch net unerkannt ginn, mam Vermierk, dass d'Situatioun am Pensiounsfall frësch iwwerpréift gëtt. D'Babyjore kënnen da spéider unerkannt ginn, wann et zu enger Rekonstitutioun vun der ganzer Versécherungscarrière kënnt, am Prinzip zum Zäitpunkt wou d'Pensioun ugefrot gëtt.

Am Fall wou duerch d'Totalisatioun den Effekt vum Babyjoer aus der Pensiounsberechnung verdrängt gëtt, gëtt dëser Verdrängung bei enger vun der CNAP initiéierter Pensiounsestimatioun och Rechnung gedroen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Den Extrait vun der Carrière, deen de Centre commun de la sécurité sociale all Joer erausschéckt, beinhaltet ee fiktive Montant vun der Pensioun, Stand 1. Januar vum lafende Joer an op Basis vun enger reng lëtzebuerger Versécherungscarrière, fir Versécherten déi hier 56 Joer erreecht hunn. Am Fall, wou Babyjoren an der lëtzebuerger Carrière enregistréiert goufen, beinhaltet dëse Montant och den Effekt vun de Babyjoren, obwuel deen da spéider verdrängt ka ginn. Déi betraffen Assuréë sinn awer ugewisen, duerch hier international Carrièren, laang genuch virun hirer Pensioun eng Estimatioun bei der CNAP unzefroen. Zu deem Zäitpunkt kann also eng Rekonstitutioun vun der ganzer Versécherungscarrière virgeholl ginn, an de schlussendleche Montant vun der zukünfteger Pensioun méi realistesch approximéiert ginn.

Säit dem 15. Juni 2026 erlaabt d'CNAP et dem Assuré, deen seng 56 Joer erreecht huet, fir esou eng Estimatioun iwwert myguichet.lu unzefroen.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez